

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: M. Fernand Greisen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 4752A iwwert d'Verkéisreglementatioun. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Jung an Zanussi, d'Mme Durdu, d'Häre Greisen, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

Ech wollt drop opmierksam maachen, dass dee Projet de loi muss haut de Moie fäerdeg gemaach ginn. Et soll jiddferree sech deementspreechend richten. Den Här Minister huet de Mëtteg eng Réunioun, fir déi de Commissaire vu Bréissel extra erfëkënt; hie kann also net hei sinn. Mir haten et och esou ofgemaach, dass mer déi Projeten de Moie géife fäerdeg maachen.

Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

2. Projet de loi 4752A portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu jo elo de Moien e ganz wichtege Projet gestëmmt, wat de Führerschäin ubelaangt. Dat wäert onweigerlech zu zousätzlechen administrativen Aarbechte féieren, duerfir huet deen heite Gesetzesprojet als Aufgab nach eng besser Gestoun vum Führerschäin unzestriewen.

Ursprünglech huet de Projet d'Approbatoun vum EUCARIS-Traité virgesinn. Dat ass u sech d'Exploitatioun vun engem technesche System fir den Echange vun Donnéeën iwwert d'Immatriculatioun vun Autoen an

dem Führerschäin. De 6. Juli 2001 huet dunn den Transportminister nach en Amendement eraginn, andeems en duerch en zousätzlechen Artikel dräi verschidden administrativ Aarbechten a Relatioun mam Führerschäin der nationaler technescher Kontrollgesellschaft iwwerdroe wëllt.

Den EUCARIS-Traité - an dat muss een hei ennersträichen - muss conforme sinn zu der Direktiv vum Europäesche Parlament 95/46/CE an där vum Conseil vum 24. Oktober 1995 iwwert de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën. Well déi jo awer nach net an d'Lëtzebuurger Gesetz ëmgesat goufen, hat dunn d'Regierung proposéiert e Splitting vun dësem Gesetzesprojet ze maachen. D'Kommissioun huet sech domat d'accord erkläert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechte vum Führerschäinsservice hunn am Transportministère an deene leschte Joren ouni Zweifel zougeholl. Esou sinn zum Beispill 2001: 9.118 Demandé fir e Permis, respektiv eng Ausdehnung op eng aner Kategorie eragereecht ginn. Dat waren der 359 méi wéi am Joer 2000. 20.059 Permisë goufen an deemselwechte Joer erneiert, 1.751 iwwerschrëwen an 2.810 Doublé goufen ausgestallt, dat mécht am Ganzen 33.738 traitéiert Dossieren.

1997 waren dat der "nëmmen" 26.387. Do gesäit ee jo u sech, wéi de Volumen vun der Aarbecht an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen ass. Mat de prakteschen Examen war et jo och zu engem gewëssene Moment zu Problemer komm, well et hei un Examineure gefeelt huet.

Och d'Spezialkommissioun vun de Führerschäiner ka sech net iwwer Aarbecht bekloen. 2001 goufe 682 Dossieren aviséiert, 2000 waren et der eréischt 528.

De Contentieux administratif muss net nëmmen Dossiere vun der Spezialkommissioun gëreieren, mä och Fahrverboter, déi duerch den Tribunal gesprach goufen, enregistrieren, an dat sinn der ongeféier 3.000 am Joer.

D'medezinnesch Kommissioun, fir hiren Deel, kennt zënter 1995 och eng grouss Evolutioun vun hiren Aarbechten. 2001 ware ronn 1.100 Leit vun deem Service kontaktéiert ginn.

Och d'Zuel vun de Stationéierungskaarte fir déi Handicapéiert geet bestänneg an d'Luucht. 1999 waren et der nach 1.224, 2001 loug déi Zuel scho bei 1.469.

Schlussendlech sinn 2001 152 nei ADR-Certificaten ausgestallt ginn.

Un deene Chiffere gesäit een also, wéi gesot, datt de Volume vun der Aarbecht do bedeitend an d'Luucht gaang ass. Dat ass natierlech engersäits bedéngt d'duerch, well d'Populatioun permanent wisst, an op där anerer Säit awer och, well ëmmer méi al Leit mam Auto fueren a leider eben och d'Delinquenz op eise Stroossen zouhëlt. An net zu Lescht féiert jo d'Aféierung vum Punktführerschäin - dee mer jo, wéi gesot, elo virun e

puer Minutten hei gestëmmt hunn - och nach zu zousätzlech administrativer Aarbecht.

Eng Etüd vun Arthur Andersen iwwert d'Reorganisatioun vum Ministère des Transports huet jo iwwregens och erweisen, datt et ee gewësse Manko u Personal gëtt.

Den Transportminister huet allerdéngs an der Tëschenzäit scho reagéiert an eng Rei Mesurë geholl fir déi Situatioun ze verbesseren. Sou sinn zum Beispill, wat déi praktesch Führerschäinsexamen ubelaangt, dräi pensionéiert Polizisten an dräi Polizisten aus der Regierungsgarage zäitweis agestellt ginn.

Wat elo den theoretesche Führerschäinsexamen ubelaangt, sou gëtt jo déi aktuell Examensform duerch een informatiséierte System ersat. Zesumme mam schwedeschen Transportministère an dem Centre informatique gëtt dësse Projet op der Kalchesbréck realiséiert.

Dës System bitt eng Rei vun neie Virdeeler. Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, datt och elo eng véiert Sprooch bäigefügt gëtt, nämlech d'Englesch, an datt ee schlussendlech den Examen och kann op Rendez-vous maachen.

Et soll nach vläicht hei gesot ginn, datt am Juni 2001 en zousätzleche Medizinner agestellt gouf, fir de Contentieux médical ze verstärken.

Et ass also déi permanent Suerg vum Transportministère, fir den Déngscht um Client nach weider ze verbesseren. Dofir ass och am Kader vun dësem Gesetzprojet elo virgesinn, fir eng Rei vun Attributiounen, déi de Führerschäin ubelaangen, der nationaler technescher Kontrollgesellschaft ze iwwerdroen. Et soll awer direkt hei kloergestallt ginn, datt et sech ausschliesslech ëm administrativ Kompetenzen handelt.

Folgend Aufgabe ginn an Zukunft vun der SNCT iwwerholl:

- d'Ofhale vun den theoreteschen Examen;
- d'Organiséiere vun de prakteschen Examen, an zwar vun Examineuren, déi vum Transportministère agréiert goufen;
- déi éischt Ausstellung an d'Erneierung vun de Führerschäiner;
- d'Opstelle vun Duplikaten;
- d'Gestioun vun ADR-Certificaten;
- den Enregistrement vun de Permissen, déi vun den Autoritéiten aus dem europäeschen Espace économique ausgestallt goufen;
- d'Iwwerschreiwung vun auslänneschen net communautaire Permissen;
- d'Gestioun vun den Dossiere vun der Conduite accompagnée;
- d'Mathëllef bei der Opstellung vun engem Archivage iwwert d'Dokumenter vum Führerschäin.

Fir all dës Aarbechte kënnen auszuféieren, müssen dann nach zousätzlech aacht Leit agestellt ginn, déi natierlech dee Moment vun der SNCT wäerte recrutéiert ginn. Dernieft ass elo virgesinn, fir de gréissten Deel vun dësen Déngschtleschtungen och dann zu Esch an der Kontrollstation respektiv zu Wëlwerwolz unzebidden. Och dat ass e wichtege Aspekt vun der Dezentraliséierung a, wéi gesot, e verbesserten Déngscht um Client aus deene Regiounen.

D'Modalitéite vun deenen neie Kompetenze vun der SNCT ginn iwwregens an engem Règlement grand-ducal festgehalen.

D'Employéen, déi d'Examen ofhalen, ech hunn dat virdu scho gesot, ginn assermentéiert an déi Examineuren, déi de Moment nach am Ministère sinn, ginn elo un d'SNCT détachéiert.

Wat de juristesche Volet ubelaangt, sou gëtt de reglementaresche Kader, fir kënnen nei Examineuren anzustellen, duerch e groussherzoglecht Règlement nei definéiert.

Alles, wat also am Contentieux médical, administratif oder judiciaire ass, bleift selbstverständlech ënnert der Kompetenz vum Transportministère. Dernieft ass de Ministère och nach responsabel fir d'Ausstellung vun Handicapéiertekaarten, d'Iwwerwaachung vun den Autoschoulen, d'Verriedung an den nationalen an den internationale Kommissiounen, an natierlech d'Gestioun vum Punktführerschäin.

Vläicht zum Schluss nach e puer Wuert iwwert déi eenzel Avisen. D'Chambre des Métiers ass mam Projet d'accord, während d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics et léiwer gesinn hätt, wann de Ministère all déi Aufgabe bäibehalen hätt. De Statsrot séngersäits ass averstanen, esou wéi de Projet hei virgeluegt gouf, an huet och virgeschloen, fir - wéi gesot - de Projet ze splécken, wat mer jo deementsprechend gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Urspréng vun der SNCT, also der Société Nationale de Contrôle Technique, eng S.à r.l., ginn u sech op d'Joer 1963 zrëck, wou de Stat déi deemoleg Privatgesellschaft, déi zoustänneg war fir de Contrôle vun den Autoe virzehuelen, opkaaft hat. 1985 goufen dunn hir Statuten ëmgeännert a se krut och den Numm, deen se haut, wéi gesot, nach dréit.

Et ass vläicht och wichteg op dëser Plaz mol eng Kéier op d'Kapitalzesummesetzung vun der SNCT anzegoen. An zwar huet de Stat 75% an där Gesellschaft, 20% gehéieren der Spuerkeess, 4,4% der Federatioun vun de Garagisten an 3 mol 0,2% der Chambre des Métiers, der Confédération du Commerce, groupement transport, an der Sécurité Routière.

D'SNCT hat schonn 1993 bei der Ouverture vun der Station zu Esch eng Rei vun Aktivitéite vum Service d'immatriculation beim Transportministère iwwerholl,

1997 sinn dunn déi Reschtkompetenzen, déi nach an deem Service waren, och der SNCT iwwerdroe ginn, an dee Service ass jo dunn esouguer suppriméiert ginn.

Déi gutt Erfahrungé jiddefalls, déi ee mat der SNCT an all deene Jore gemaach huet, hunn och derzou bäigedroen, datt eben d'Auteurs vum Projet der Meenung waren, datt een zousätzlech Attributiounen där Gesellschaft kënnt iwwerdroen.

Dat mannst, dat ee jiddefalls ka soen, ass, datt duerch dese Gesetzprojet d'Déngschtleeschung fir de Bierger ouni Zweifel verbessert gëtt, a virun allem, wéi gesot, wat déi administrativ Aarbechte vum Führerschäin ubelaangt, an dofir géing ech lech bieden deem Projet zouzestëmme.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ady Jung (CSV).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt wëll ech am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Rapporteur vun deem Projet de loi, dem Kolleeg Gusty Graas, merci soen a félicitéiere fir säin detailléierte schrëftleche Rapport, sou wéi och fir säi ganz ausféierleche mëndleche Rapport, dee mer elo just héieren hunn.

Well hien dëst Gesetz an allen Eenzelheete virgestallt huet an och erkläert huet, wéi d'Aarbechten zu deem Gesetz an der Kommissioun verlaaf sinn, kann ech mech zimlech kuerz faassen, fir net muttwëlles dat ze widderhuelen, wat scho gesot ginn ass.

Mir wëssen alleguer, datt den Transportministère, wat den Autosverkéier ubelaangt, eng ganz Rei vu Missiounen ze erfëllen huet. Mir wëssen och, datt am Laf vun der Zäit d'Zuel vun den Dossieren, déi heiriwwer behandelt musse ginn, ëmmer méi grouss ginn ass, an datt leider allze dacks d'Délaien, déi noutwendeg sinn, fir verschidden Demanden z'erleedegen, sech méi an d'Längt gezunn hunn, wéi dat deenen Interesséierte léif war.

D'Aféiere vun deenen neie gesetzleche Bestëmmungen iwwert de sou genannte "Punkteführerschäin", iwwert dee mir haut hei an der Chamber befonnt hunn, droen och hiert dozou bäi, datt dem Ministère des Transports seng Aarbechten nächstens nach zouhuele wäerten.

Wann am ursprüngeleche Gesetzesvorschlag 4752 geplangt war, fir den "Traité sur un Système d'Information Européen concernant les Véhicules et les Permis de conduire (EUCARIS)" hei an der Chamber unzuhuelen, deen den 29. Juni 2000 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen gouf, sou kann dat, wéi mer et scho virdrun héieren hunn, leider haut net an deem Émfang geschéien, well d'Direktiv 95/46/CE vum Europaparlament a vum Conseil vum 24. Oktober 1995 iwwert de Persounen- an Datenschutz nach net a Lëtzebuerger Recht iwwerholl gouf.

An deem Kontext wëll ech elo schonn um Rand bemierken, datt en iwwerdriwwene Persounen- an Dateschutz d'Aarbechte vum Parquet, vun eiser Polizei a vun aneren Instanzen, déi fir d'Sécherheet vum Bierger zoustänneg sinn, ëmmer méi schwéier mécht, an domat de kriminellen Elementer méi Spillraum ginn!

Dese Projet de loi gouf also opgedeelt, fir an zwou Etappen iwwert d'Bühn ze goen. De Projet 4752A, iwwert deen haut befonnt gëtt, bréngt haaptsächlech mat sech, datt en Deel vu gängege Verwaltungsarbeiten, déi mat de Führerschäiner a mat der Immatrikulation vu Gefierer ze dinn hunn, an déi an der Vergaangenheet vum Transportministère hu missen erfëllt ginn, an der Zukunft vun der Société Nationale de Contrôle Technique, ofgekierzt SNCT, erleedegt kënne ginn.

Et handelt sech, wéi gesot, ëm Aufgaben am Beräich vun der Verwaltung. Et sief drun erënnert, datt de Service vun der Immatrikulation vu Gefierer, deen an der Zäit vum Transportministère direkt behandelt gouf, schonn etappeweis an de Joren 1993 an 1997 un d'SNCT iwwerdroe ginn ass. Am Rumm vun der Reorganisatioun vum Transportministère ass elo och virgesinn, déi technesch Gestoun vum deenen zwee nationale Fichieren, déi duerch de System "EUCARIS" viséiert sinn, un d'SNCT ze iwwerdroen.

Erlaabt mer, Här President, besonnesch op déi Missiounen hinzewiesen, déi der Société Nationale de Contrôle Technique duerch dëst Gesetz iwwerdroe ginn, an déi mat de Führerschäiner ze dinn hunn:

- a) d'Receptioun vun den theoreteschen Examen, déi, wéi et schonn an der Press, respektiv am Organ vum Automobil-Club mat ganz positivem Echo ugekënnegt ginn ass, an e puer Méint iwwert de Wee vun der Informatik kënnen ofgewéckelt ginn;
- b) d'Receptioun vun de prakteschen Examen, déi duerch vum Transportminister agréiert Examineur virgeholl ginn.

Heizou gehéieren all administrativ Aufgaben, déi mam Aushännegen a mam Erneiere vu Führerschäiner zesummenhängen, ausser wann et sech ëm Sträitfäll handelt, déi juristeschen oder medezinnesche Bewäertungen ënnerleien.

Ausserdeem gehéieren zu den administrativen Aarbechte vun den technesche Kontrollstatiounen:

- 1) d'Féiere vun engem öffentleche Guichet;
- 2) d'Ausstelle vun de Certificats d'apprentissage;
- 3) d'Convocatiounen zu den Examen;
- 4) d'Ausstellung vum 1. Führerschäin;
- 5) d'Erneiere vum provisoeresche Führerschäin nom Délai vun 2 Joer;

- 6) d'Ausstelle vu Kopie vum Führerschäin;
- 7) d'Gestioun vun de Spezial-Führerschäiner fir Stroossen-transporter mat geféierleche Materialien;
- 8) d'Enregistréiere vu Führerschäiner, déi an engem aneren EU-Land ausgestellt goufen;
- 9) d'Iwwerschreiw vum auslännesche Führerschäiner aus net communautaire Länner;
- 10) d'Gestioun vun den Dossierien iwwert d'Conduite accompagnée;
- 11) d'Verschécke vu Standardbréiwer, déi mam Ausstellen a mat der Verlängerung vun de Führerschäiner ze dinn hunn.

Et gëtt dermat gerechent, datt fir dës Aarbechten op d'mannst aacht Leit noutwendeg sinn, déi vun der SNCT zousätzlech engagéiert ginn. Et ass virgesinn, datt de gréissten Deel vun dësen Aufgaben, ausser zu Sandweiler an hirer Haaptverwaltung, och zu Esch/Uelzecht sollen ausgeféiert ginn, wou eng Kontrollstatioun zënter 1993 funktionnéiert, an zu Wëlwerwol, wou déi komplett renovéiert Kontrollstatioun viru kuerzem ageweit ginn ass.

An dësem Zesammenhang, Här President, wëll ech ganz besonnesch op déi an der Regierungserklärung vun 1999 ugekënnegt Dezentralisatioun vun administrative Servicer hiweisen, fir dem Bierger raimlech méi entgéintze-kommen. Ëmmerhin ass et fir d'Leit aus dem Norden an aus dem Süde vun eisem Land e grouss Virdeel, wa si kënnen, sief et zu Wëlwerwol oder zu Esch/Uelzecht, Dëngschtleeschtinge kréien, fir déi si sech soss an d'Stad Lëtzebuerg hu missen déplacéieren.

Wann ee sech zum Beispill nëmme virstellt, mir hätten haut just eng eenzeg Kontrollstatioun zu Sandweiler, da missten all Joer ronn 260.000 Gefierer op där Plaz kontrolléiert ginn! Glécklecherweis gouf an der Zäit op dësem Gebitt schonn dezentraliséiert, sou datt heivu pro Joer 80.000 Gefierer zu Esch/Uelzecht an nobäi 45.000 Gefierer zu Wëlwerwol kontrolléiert ginn!

An dësem Kontext sief och op déi grouss Zuel vun Dossierien higewisen, sief dat fir den 1. Führerschäin, sief dat fir Erweiterungen op aner Kategorien, siewen dat Erneierungen, Transcriptionen vun auslännesche Führerschäiner oder Kopien, wou sech dës Zuel insgesamt am Joer 2001 op 33.738 Fäll belaf huet. Dat waren nobäi 7.000 Fäll méi wéi am Joer 1997!

Un d'Adress vun deenen, déi heibäi wëlle vun enger Privatiséierung vu staatleche Servicer schwätzen, sou wëll ech drop hiweisen, dass d'SNCT wuel eng S.à r.l. ass, mat engem Kapital vun 1.115.520 Euro, déi awer zu 75% dem Lëtzebuurger Stat an zu 20% eiser Spuerkeess gehéieren. Un deene bleiwende 5% vum Gesellschaftskapital sinn, aus verständleche Grënn, d'Federation vun de Lëtzebuurger Garagisten, d'Handwierkerkammer, der

Confédération du Commerce hire Groupement Transports souwéi d'Sécurité Routière bedeelegt.

Well dëst also eng gutt Saach ass, déi dem Fonctionnement vun eiser Statsverwaltung entgéint kënnt, an dem Bierger d'Liewen a munchen Hisiichte méi liicht mécht, sou kënne mir als CSV-Fraktioun, Här President, dës Neierungen nëmme begrëssen, an ech versécheren Iech heimat, datt mir dës Projet de loi stëmme wäerten.

Gläichzäiteg awer wënsche mer, datt den 2. Volet vum Projet de loi, de 4752B, esou bal wéi méiglech Gesetzeskraft kritt, fir vun de Virdeeler kënnen ze profitéieren, déi den Traité EUCARIS beinhalt, fir domat dat kriminell Handel vum international organiséierte Bande vun Autos-déiwe besser an de Grëff ze kréien!

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur an och déi Riedner, déi duerno komm sinn, hu schonn drop opmierksam gemaach, dass dee Projet hei an zwee gedeelt ginn as. Effektiv denken ech, dass dat dee richteg Choix war, well dee Projet iwwert d'Protection des données e wichtegen Text ass, dee muss virleien, fir deen aneren Deel vun dësem Projet kënne matzediskutéieren.

D'Direktiv vum EUCARIS-Projet léisst effektiv d'Méiglechkeet zou, dass en Deel vun den Aarbechte ka privatiséiert ginn, an dat geschitt jo dann och mat dësem Projet doduerch, dass een Deel vun den Aarbechten an d'SNCT verluegt gëtt.

Mir haten an der Chamberkommission d'Geleeënheet fir iwwert deen dote Projet ze diskutéieren. Mir hunn och als Fraktioun schonn dee Moment eis Meenung an eis Absichten zu dësem Projet virgeluegt. De Rapporteur huet sech a sengem schrëftleche Bericht ganz vill Méi ginn, fir dës Projet mat deene politeschen Absichten ze rechtfäertegen. Et ass en Dokument, dat eng Fläissaarbecht ass, an ech wëllt em hei fir säi Rapport merci soen, souwuel fir dee schrëftleche wéi fir dee mëndlechen, och wann ee mat de Konklusioun net kann averstane sinn.

Am Rapport gëtt vun der Etüd, déi Arthur Andersen gemaach huet, iwwert den Transportministère geschwat an si kënnt zur Konklusioun, dass et effektiv eng Insuffisance de l'effectif du personnel gëtt. Wann esou eng Insuffisance festgestallt gëtt, dann huet ee jo d'Méiglechkeet déi Insuffisance doduerch aus der Welt ze schafen, dass een zousätzlech Leit astellt, an et gëtt drop opmierksam gemaach, dass an deem Service vill mat CATe geschafft gëtt.

Et sollt ee vläicht bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Instrument vun den CATen am Fong ni geschafe gi war, fir en Defizit vu Personal opze-fänken, mä d'Instrument vun den CATe war geschafft

ginn, fir deene Leit, déi keng Aarbecht hunn, iwwer eng Initiatioun duerch den CAT-Kontrakt ze hëllefen a se eng gewësse Berufserfahrung sollte kréien, fir se dann an aner Entreprises ënner Daach ze kréien.

Et war an ass och haut nach falsch, wann ee wëllt Personaldefiziter mat CAT-Leit opstocken. Dat ass net dee richtige Wee an dofir ass déi Moosnam och net ergraff ginn.

Mir bleiwen als Fraktioun der Meenung, dass déi Aarbechten, déi hei elo ausgelagert ginn aus dem Stat, u sech beim Stat kënnen bleiwen. Mir deelen do d'Meenung, déi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an hirem Avis geschriwwen huet. A wann hei dovunner geschwat gëtt, dass et keng Privatiséierung wier, esou ass et awer eng Privatiséierung, quitte dass d'Gesellschaft zu 75% dem Stat gehéiert, mä et geet jo net eleng ëm d'Besetzverhältnissen an der Gesellschaft, et geet och ëm de Statut vum Personal. Dat sinn och Elementer, déi mat Privatiséierung ze dinn hunn, esou dass ee sech am Fong där Tatsaach awer net ka verschléissen.

Wat ee muss kritesch hannerfroen, dat ass, wa gesot gëtt, d'Leeschtingsfäegkeet vum Stat ass net an der Lag, fir dat hei clientsgerecht ofzewéckelen.

Do muss ech soen, dass ech awer staark Bedenken hunn. Firwat soll de Stat net déiselwecht Leeschtingsfäegkeet hu wéi eng privat Entreprise? Firwat soll eng Leeschting, wa se vu Private gemaach gëtt, besser sinn, wéi wa se vum Stat gemaach gëtt?

Dat huet zur Konklusioun, dass beim Stat munches net fonctionnéiert a mer do munches misste verbesseren. Et ass och verwonnerlech, dass esou Aussoen hei iwwert de Stat gemaach gi vun deene Leit, déi am Moment an der Regierung sinn. Dofir denken ech, dass dat net de Fall ass. A wa gesot gëtt, déi dräi Joer Ausbildung, déi d'Statsbeamte mussen maachen am INAP, sinn och eng Brems fir dat doten anstänneg kënnen ofzewéckelen, eh bien, jiddereen heibanne war jo awer mat der Formation vum de Fonctionnaires averstanen. Wann een dat eent mécht, muss een och mat deem anere rechnen.

Dofir mengen ech, dass een net soll d'Leeschtingsfäegkeet vum Stat a Fro stellen. Mir gesinn och net, firwat dass eng Leeschting, wa se vu Privaten ugebuede gëtt, besser muss si wéi déi, déi vum Stat ugebuede gëtt. Solt dat de Fall sinn, misste mer beim Stat eppes änneren.

A wann ech da kucken, wat fir eng Aarbechten hei ausgelagert ginn, da sprengt dat awer eiser Meenung no de Kader vun deenen administrative Moosnamen, wéi se betitelt ginn. Wann zum Beispill d'Examen do ofgehale ginn, ass et menger Meenung no méi wéi eng administrativ Moosnam. Wann dovunner geschwat gëtt, dass d'ADR-Zertifikater do géréiert ginn, déi ech virdru schonn zitéiert hunn, déi bescheinegen, ob ee ka geféierlech Gidder transportéieren oder net, denken

ech, dass dat och iwwert de Kader vun administrativen Aarbechten erausgeet.

Ech wëll soen - an den Här Jung huet dat jo virdru schonn ugeschwat -, dass een duerchaus en Deel vun Aarbechten déi eng oder aner Kéier kann auslageren. Dat ass an der Vergaangenheet scho geschitt bei engem Deel vun den Aarbechten am Zesummenhank mat der Immatrikulatioun.

Mir sinn als Fraktioun der Meenung, dass dat, wat hei ausgelagert gëtt, de Kader vun deenen administrativen Aarbechte sprengt an de Stat an d'Lag misst gesat ginn, doduerch dass zousätzlech Beamte rekrutéiert ginn, fir déi Aarbecht do ze maachen, wou se bis elo war.

Aus deem Grond kënnen mir och dësem Projet eis Zoustëmmung net ginn. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt am Numm vun eiser Fraktioun Stellung bezéien zu dësem Projet de loi an ech wëllt fir d'éischt dem Gusty Graas merci soe fir säin ausféierlechen a prezise mëndleche Rapport a fir déi Fläissaarbecht, wéi en aneren Deputéierte gesot huet, vu sengem schrëftleche Rapport, deen en eis ënnerbreet huet.

Wat seet dëse Gesetzestext, dee sech an zwee Artikel gliddert? Den éischte Saz ass am Fong geholl ausschlaggebend: "Le Ministre peut confier à la Société nationale de Contrôle technique des tâches administratives relevant de la gestion de l'immatriculation des véhicules routiers et de la gestion des permis de conduire".

Et ass also emol éischtens eng Kann-Bestëmmung. De Ministère gëtt sech hei d'Méiglechkeet fir bestëmmten Aufgaben ze delegéieren. Dëse Minister décidéiert, dass en delegéiert, mä et ass eng Kann-Bestëmmung an dat bedeit, dass de Stat sech d'Méiglechkeet opléisst, fir ze soen, ech huelen déi Missiounen zréck an de Ministère.

Deemgemäss, Här Zanussi, sollt da vläicht Är Fraktioun erëm eng Kéier an d'Regierung kommen an den Transportministère kréien, da kann dee jo decidéieren, déi Servicer, déi mer haut delegéieren, oder wou mer d'Méiglechkeet stëmme fir ze delegéieren, zréckzehuelen an de Ministère.

Dann ass et awer och esou, dass mir als Législateur genau wëssen, u wien dass dës Delegatioun geschitt. A wann een dat Wuert Privatisatioun gebraucht, dann huet ee ganz dacks d'Gefill, dass do iergendeng anonym Gesellschaft ass, déi forméiert gëtt, wou een net weess, u wien dass een dat ofgëtt.

Dëst ass net de Wonsch vun dëser Regierung, mä et geet drëm fir déi ganz Kontroll a klore Bunn ze halen, an dofir kritt och net egal wat fir eng Gesellschaft dës

Méiglechkeet fir ze schaffen, mä et ass d'Société nationale de Contrôle technique, eng Gesellschaft, déi zur vollster Zefriddenheet vun eis alleguer elo ewell zu Sandweiler an zu Wëlwerwolz schafft, an et huet ee bis elo nach ni Kriticken héiere géint déi Aarbecht, déi dës Gesellschaft mécht.

An et ass wuelweislech, dass dës Gesellschaft zu 3/4 aus Kapital vum Stat besteet an dass och bis ewell nach ni een d'Neutralitéit vun dëser Gesellschaft ugezweifelt huet.

Et ass e Fait, dass elo ewell d'Autoen do kontrolléiert ginn. Misste mer do elo soen, dass dat eigentlech eng Aufgab ass, déi de Stat sech soll zouueggen? Ech mengen, wa mer déi Aufgab der Société de Contrôle technique iwwerloossen, da froen ech mech, firwat dass mer hir d'Gestioun vun de Permis de conduire net och solle kennen iwwerloossen. Op alle Fall sinn ech der Meenung, dass déi hei gesichte Léisung eng gutt Léisung ass.

De Rapporteur huet a sengem schrëftlechen a mëndlechen Rapport erkläert, firwat dass de Minister op dës Aart a Weis reagiert, well e géif gär séier reagieren an e géif gär effektiv reagieren, an ech mengen, et géif eis alleguer schlecht zu Gesiicht stoen, wann et ganz laang géif daueren, ier mer eise Führerschäin kréien, respektiv bis mer en erneiert kréien.

Déi Tächen, déi ofgi ginn, sinn och administrativ Tächen. D'ganz Führerschäinsgestioun an all déi Aarbechten, déi d'Société nationale de Contrôle technique kritt, sinn net méi an net manner wichteg oder schlëmm wéi déi vum technesche Contrôle vun den Autoen. Där Gesellschaft, déi et mécht, konnte mer bis elo eist Vertrauen aussprechen.

Wat mer ganz besonnesch un dësem Projet de loi gefällt, sinn natierlech d'Regionalisatioun an den Ausbau vun de Servicer op der Plaz, vu Wëlwerwolz, vun Esch a vu Lëtzebuerg. Dës Initiativ ass wierklech ze begrëssen an d'Leit aus dem Éislek wäerten et vill méi kamoud fannen, fir kennen op Wëlwerwolz hire Führerschäin sichen ze goen, sief et fir en ofgelafenen ze erneieren oder sief et fir en Duplikat sichen ze goen, an dass een net méi brauch den Ëmwee an d'Stad ze maachen, quitte dass ee sech bis ewell net konnt bekloen iwwert dee Service, dee mer do offréiert kruten.

Mä nach mengen ech, dass dat hei eng biergerne Reform ass, déi sech aschreift, wann ech un dat Gesetz iwwert d'Inspektorat vu gëschter därerf erënneren, an d'Ausrichtung vun dëser Regierung, dass d'Administratiounen an d'Servicer no bei d'Bierger solle kommen.

Ech kann der Regierung fir dës Initiativ nëmme félicitéieren. Mir wäerten als Fraktioun natierlech dës Gesetzprojet stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech all deenen, déi um Projet matgeschafft hunn, merci soen.

Op Grond vun den detailléierten Explikatiounen vum Rapporteur a vu menge Virriedner kann ech mech hei kuerz halen.

Schonn 1993 ass am BENELUX e Pilotprojet gestart ginn. E System vun direktem Informatiouns Austausch tëscht den nationalen Immatrulationsdateien ass geschaaft ginn. Dësen technesche System verhënnert nei Immatrulations vu Gefierer, déi an de Partnerlänner als gestuel gemellt gi sinn, mat klarem Succès. Bannen zwee Joer ass den Handel am BENELUX vun hei geklaute Ween praktesch op Null gefall. Vun dësem Succès am Kampf géint den Autoklau iwwerzeegt, sinn 1995 och Groussbritannien an Däitschland dem System bäigetratt.

Fir deem Ganzen en zolide legale Kader ze ginn, hunn dës Staten decidéiert en Traité ze schafen, EUKARIS. Dëse System mécht awer och Transmissiounen vun aneren Donnéeën iwwert d'Grenzen ewech méiglech, Donnéeën, déi een als perséinlech ka qualifizéieren.

De System ass och virgesi fir international Gestioun vu Führerschäin Donnéeën. Och hei stellt sech op alle Fall d'Fro vun der Datersécherheet a vun der Vermeidung vu méiglechen Abüen.

Den EUKARIS ass u sech awer e gudde System, mat engem däitlechen Sécherheetserfolleg. Den ADR stëmmt aus deem Grond, trotz de virgenannte Bedenken, dem Projet zou.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport a soen, dass eis Fraktioun dëse Projet stëmme wäert.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany (déli Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn am Prinzip net géint eng Dezentraliséierung vun deene Führerschäinsservicer an de Süden an an de Norde vum Land. Ech sinn och der Meenung, dass d'SNCT majoritär dem Stat gehéiert, d'Fro ass just, wéi laang dat nach de Fall ass?

D'Chambre des Fonctionnaires schwätzt vun engem geféierlechen Präzedenzfall. Ech mengen, et wär prinzipiell méiglech staatlech Servicer ze dezentraliséieren, et hätt een awer net onbedéngt missen an d'Kompetenz vun der SNCT déi nei Servicer ginn. Et hätt ee jo och Statsbeamten op déi Plaze kennen delegéiere ronderëm d'Kontrollstatiounen, fir déi Aufgaben ze erfëllen.

Fir virzebeugen an esou Fäll an och an ähnleche Fäll, fir dass spéider Privatiséierung kénnte kommen, géif ech virschloen - ech hunn awer elo keen Amendement an deem Sënn -, dass déi Leit, déi bei der SNCT schaffen an déi jo och assermentéiert ginn, dass déi dann och sollen de Statut kréie vum Employé de l'Etat, esou wéi hir Kollegen, déi vum Stat dohinner delegéiert ginn a mat deene se sollen zesumme schaffen. Dann hätt een de Prinzip gläich Aarbecht a gläiche Statut realiséiert an da kéint dee Service zur vollster Zefriddenheet funktionéieren, mä wéi d'Gesetz elo ausgesäit, kann ech meng Zoustëmmung net ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Merci Här President a merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet, deem als Objektiv huet, d'Aarbechten am Intérêt vum Bierger ze vereinfachen an ze verbessern, andeems d'Servicer vum Stat méi no bei de Bierger bruecht ginn, fir esou ze évitéieren, dass et zu iwwerlaangen Délaie bei der Ausstellung vun de Führerschäiner kënnt.

Wat un d'Société nationale de contrôle technique iwwerdroe gëtt, si méi oder wéineger administrativ Aufgaben. Déi hoheitsrechtlech Aufgabe bleiwe selbstverständlech an den Attributiounen vum Transportministère.

Ech wéilt den honorabelen Här Urbany, wann dat iwwerhaupt méiglech ass, berouegen. De Stat denkt net drun seng Participatioun, sief et direkt oder indirekt, bei der Société nationale de contrôle technique ze verséieren, ze verkafen. Mir halen dat. Dir wësst, dass iwwerall do, wou de Lëtzebuerger Stat Actionnaire war, dës Regierung bis elo sech nach net duerch eng exzessiv Politik vum Verséieren vum, wéi déi Däitsch soen, "Tafelsilber" ausgezechent huet. Mir hunn au contraire all Kéier do, wou et noutwendeg war, eis Responsabilitéiten iwwerholl.

Dass mer d'SNCT ausgewielt hunn, ass logesch, well déi Gesellschaft schonn an der Vergaangenheet vu menge Virgänger, vum Här Goebels, vun der Mme Delvaux-Stehres, eng Rei zousätzlech Aufgaben iwwerdroe kritt hat. Den Här Zanussi huet dorun erënnert. D'Ausstelle vun de groe Kaarten ass qualitativ eng ähnlech hoheitsrechtlech Aufgab wéi dat mechescht Ausstelle vun engem Führerschäin. Datselwecht gëllt fir d'ADR-Certificaten.

Heiduerch droe mer zu enger Dezentraliséierung bäi. Heiduerch brénge mer eenzel Dingschtleeschtunge méi no bei de Bierger an dofir nach eng Kéier der Chamber merci fir hir Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4752A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 41 Jo-Stëmme géint 12 Neen-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nicolas Strotz), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Marco Schank), M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Patrick Santer (par M. Fred Sunnen), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Ady Jung), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Lucien Weiler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Théo Stendebach), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Claude Belling), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.50 heures)

Communications	page 1929	Ordre du jour	pages 2024-2025
Ordre du jour	pages 1929-1932	Projet de loi 4893 portant	
Dépôt d'une proposition de loi	page 1932	1. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;	
Heure de questions au Gouvernement:		2. création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;	
- Question 232 de Mme Marie-Josée Meyers-Frank relative à la revalorisation de la situation des médecins généralistes	pages 1932-1933	3. ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;	
- Question 233 de M. Ben Fayot relative aux orientations du Commissaire européen Neil Kinnock en matière d'implantation des services de la Commission à Luxembourg	pages 1933-1934	4. modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;	
- Question 234 de M. Laurent Mosar relative à l'exemption des droits de timbre, d'enregistrement et d'hypothèque	pages 1934-1935	5. abrogation de l'article 16 de la loi modifiée du 5 juillet 1991 portant:	
- Question 235 de M. Camille Gira relative à la peste porcine		a) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement à la fonction d'instituteur;	
traitée conjointement avec la		b) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement au certificat de qualification de chargé de direction;	
- Question 236 de M. Robert Mehlen relative au mode de ramassage et de transports des cadavres de sangliers	pages 1935-1938	c) création d'un pool de remplaçants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire	
- Question 237 de M. Jeannot Krecké relative au projet de construction du „Atrium Business Center“ dans la zone commerciale de Bertrange et Strassen	pages 1938-1940	d) dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail	pages 2026-2065
- Question 238 de M. Robert Mehlen relative à l'expiration de la valeur des anciens timbres postaux	page 1940	Paroles d'adieu à M. le Député Aloyse Bisdorff ..	page 2056
- Question 239 de M. Robert Garcia relative à une étude globale d'impact	pages 1941-1942	Demandes en naturalisation	page 2066
- Question 240 de M. Alex Bodry relative au fonctionnement du bureau des passeports	pages 1942-1943	Hommage à la mémoire de M. Pierre Werner, Ministre d'Etat honoraire	pages 2067-2070
Heure d'actualité demandée par le groupe CSV sur le site de la déponie du SIEC	pages 1943-1957	Dépôt de deux projets de loi	pages 2070-2071
Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur l'affaire des pesticides illégaux	pages 1957-1968	Communications	page 2071
Projet de loi 4834		Ordre du jour	pages 2071-2072
- autorisant le Gouvernement à faire procéder à une quatrième extension du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg;		Vérification des pouvoirs et prestation de serment de M. Serge Urbany	pages 2072-2075
- portant modification de l'article 3 de la loi modifiée du 13 avril 1970 fixant les conditions suivant lesquelles le Gouvernement peut soit acquérir certains immeubles présentant un intérêt public, soit garantir le rendement et les charges locatifs de tels immeubles	pages 1968-1981	Composition des commissions parlementaires ...	page 2075
Ordre du jour	page 1982	Dépôt d'une motion par M. Jeannot Krecké	pages 2075-2077
Projet de loi 4894 portant modification		Motion de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative aux décomptes finaux de marchés publics	pages 2078-2081
1. de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire;		Projet de loi 4901 modifiant l'article 71 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire	pages 2081-2094
2. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue	pages 1982-2020 pages 2025-2026	Projet de loi 4712 modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques	pages 2095-2129
Question urgente 1725 de Mme Renée Wagener relative à la rétention d'une mineure de dix ans au Centre pénitentiaire de Schrassig	pages 2021-2024	Projet de loi 4752A portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques	pages 2129-2135
		Noriichten aus der Chamber	pages 105-108
		Questions au Gouvernement	pages jaunes 361-376 au milieu du compte rendu